

## Evangelium vum 31. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

### Mk 12,28b-34

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat lech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

- 28b E Schrëftgeléierten ass bei de Jesus komm  
an huet hie gefrot: "Wat fir e Gebot ass dat éischt vun en all?"
- 29 De Jesus huet geäntwert:  
"Dat éischt ass dat hei: *Lauschter, Israel,*  
*den Här eise Gott ass Här, hien eenzeg an eleng<sup>i</sup>,*  
30 *an du solls den Här däi Gott gär hu*  
*mat dengem ganzen Häerz a mat denger ganzer Séil,*  
*mat dengem ganzen Denken a mat denger ganzer Kraaft<sup>ii</sup>.*
- 31 Dat zweet ass dat hei:  
*Du solls däin Nächste gär hu wéi dech selwer<sup>iii</sup>.*  
Méi grouss wéi déi zwee ass keen anert Gebot."
- 32 Du sot de Schrëftgeléierten zu him: "Gutt, Meeschter.  
Et ass wouer, wat s du gesot hues:  
*Hien ass et eenzeg an eleng,*  
*an et gëtt keen aneren ausser him<sup>iv</sup>,*  
33 *an hie gär hu mat ganzem Häerz*  
*a mat ganzem Verstand a mat ganzer Kraaft<sup>v</sup>,*  
*an deen Nächste gär hu wéi sech selwer<sup>vi</sup>,*  
dat ass vill méi wéi all Brandaffer an all aner Affer."
- 34 De Jesus huet an Uecht geholl, datt hie verstänneg geäntwert hat,  
a sot zu him: "Du bass net wäit ewech vum Herrgott sengem Räich."  
Dunn huet keen sech méi getraut, him nach iergendeng Fro ze stellen.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>i</sup> Dtn 6,4.

<sup>ii</sup> Dtn 6,5; Jos 22,5 LXX.

<sup>iii</sup> Lev 19,18.

<sup>iv</sup> Dtn 6,4; Dtn 4,35; Is 45,21.

---

<sup>v</sup> Dtn 6,5; Jos 22,5 LXX.

<sup>vi</sup> Lev 19,18.